LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Service Central de Législation**
**5, rue Plaetis**
**L - 2338 Luxembourg**

Luxembourg, le 19 mai 2021

| | |
|---|---|
| Agent en charge | M. Armin Skrozic |
| Tel : | 247 86122 |
| Courriel : | armin.skrozic@mt.etat.lu |
| Référence interne | MT/SA/QP/QP N°4197 |

**Concerne : Question parlementaire N°4197 de l'honorable Député Jeff Engelen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Dan KERSCH**
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch op d'parlamentaresch Fro N°4197 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen**

**Ad. 1**

Et ginn weiderhin vill Aarbechtsplazen hei am Land geschaf. De Probleem besteet doran, dass d'Profiller déi disponibel sinn oft net zu den Profiller déi gesicht ginn entspriechen. Déi Beruffer wou déi meeschten passend Kandidaten feelen, sinn : Informatiker, Comptablen, Projektmanager/Beroder, Educateuren, Juristen an Infirmièren. Fir aner Profiller ginn et eventuell genuch potentiell Kandidaten, mee ganz oft lait den Probleem dann éischter um Niveau vun den Diplomer, de Sproochen, de Kompetenzen an den Erwaardungen (Aarbechtszäiten, Salaire...).

D'Kompetenzen déi feelen sinn ganz ënnerscheedlech. Nieft den techneschen a beruffsspezifeschen Kompetenzen, feelt et och oft un perséinlechen Kompetenzen ("soft skills") an allgemengen digitalen Kompetenzen (Benotzung vun Logiciellen, digital Kommunikatioun, Datenanalyse...). D'Demande no dësen méi transversalen Kompetenzen ass an der Pandemie nach weider gewuess.

An den Formatiounen déi vun der ADEM ugebuede ginn, gëtt de Fokus op déi Kompetenzen gesat. Fir déi Beruffer wou d'Pénurie awer ganz grouss ass, wéi z.B. an der Informatik oder och am Handwierk, geet dat awer oft net duer wäll d'Basisprofiler fir esou Formatiounen feelen. Dofir brauch een eng vill méi wäitreechend Strategie op nationalem Niveau hunn. Aus deem Grond gouf den Skillsdësch lancéiert, wou d'Regierung mat den Sozialpartner un sou enger Strategie schafft.

**Ad. 2**

Vun den 8.194 fräien Plazen déi op den 31. Mäerz 2021 bei der ADEM gemellt waren, gouff fir 6.000 Plazen eng Beruffserfahrung gefrot. Fir 2.692 Plazen waren héchstens 2 Joer gefrot, fir 2.791 Plazen tëschent 3 a 5 Joer, fir 424 Plazen méi wéi 5 Joer a fir 93 Plazen war d'Dauer nët präziséiert.

**Ad. 3**

Op den 17. Mee 2021 waren 1.704 Plazen vu Lëtzebuerg um EURES (European Employment Services) - Portal ze fannen, woubäi EURES en Netzwierk vun ëffentleche Beschäftegungsservicer aus 31 Länner ass.

Am Kader vun der grenziwwerschreidender Partnerschaft EURES Grande Région, schafft d'ADEM enk mat den ëffentlechen Beschäftegungsservicer aus den Nopeschregiounen zesummen.

Den transversale Leedungsprinzip vun dëser Partnerschaft ass d'Vermëttlung gekoppelt mat enger gemeinsamer Diagnos vun den Engpassberuffer an den zesummenhänkenden Kompetenzen souwéi den grenziwwerschreidenden Ausbildungen.

Mat dem ausdrécklechen Accord vu Patronen, déi der ADEM fräi Plazen deklaréieren, ginn dës op den EURES-Portal iwwerspillt an sinn esou ënner anerem och siichtbar fir déi ëffentlech Arbechtsservicer aus der Groussregioun.

Beruffer, deenen et generell un Fachpersonal an der Groussregioun feelt, sinn opgrond vun Donnéeën vun den 6 ëffentleche Beschäftegungsservicer aus der-Groussregioun besonnesch an de Beräicher Handwierk, Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien ewéi och am Gesondheetsberäich ze fannen.

**Ad. 4**

Den LISER huet läscht Joer eng Étude publizéiert iwwer d'Kompetenzen déi an der Groussregioun gefrot sinn („Les cahiers de la Grande Région n° 2"). Déi weist, dass d'Kompetenzufuerderungen zu Lëtzebuerg méi héich sinn ewéi an de Nopeschlänner, an dass virun allem déi perséinlech Kompetenzen („soft skills") méi staark gefrot sinn. Digital Kompetenzen sinn an all de Länner staark gefrot an och ëmmer méi gefrot.

Am Kader vum Réseau EURES gëtt et och en Aarbechtsgrupp vun den Länner aus der Groussregioun, deen ass amgaang un enger gemeinsamer Lëscht vun „métiers en tension/pénurie" ze schaffen. D'ADEM ass do fir Lëtzebuerg vertrueden. Et stellt sech awer och eraus, dass déi Beruffer an Kompetenzen déi zu Lëtzebuerg feelen (wéi z.Bsp. an der Informatik, an de Finanzen, am qualifizéierten Handwierk...) och oft an den Nopeschlänner feelen. Et muss een also zesummenschaffen fir Talenter deementspriechend auszebilden an fir se an d'Groussregioun unzezéien.

**Ad. 5**

Hannert deenen 7.397 Plazen stiechen am ganzen 5.138 Offeren. Et ass méiglech, dass op enger Offer, d.h. fir een Job direkt e puer Leit mateneen gesicht ginn. Fir 4.065 Offeren konnt d'ADEM dann insgesamt 26.707 Kandidaten assignéieren. Fir déi aner 1.073 Offeren konnt d'ADEM kee Kandidat fannen deen dem Profil vun der Offer entsprécht. Leider kritt d'ADEM nët ëmmer Réckmeldungen vun de Patronen ob d'Kandidaten dann ugeholl goufen oder nët. Dowéinst ass et leider onméiglech ze soen wéivill Kandidaten vun der ADEM op déi Plazen vermëttelt konnte ginn.

**Ad. 6**

Tëscht dem 31. Januar an dem 28. Februar 2021 sinn netto 1.612 Plazen dobäi komm. Dat ass d'Differenz tëscht den Plazen déi am Februar nei gemellt goufen an den alen Offeren déi am Februar zougemaach goufen. Déi éischt Tabell ënnen drënner weist d'Opdeelung no den groussen Secteuren an déi 2. Tabell ënnen drënner weist déi 10 Beruffer déi am Februar 2021 am meeschten gesicht goufen.

D'Bezeechnungen fir d'Secteuren an d'Beruffer kommen aus dem franséischen "Répertoire Opérationnel des Métiers et Emplois (ROME)", deen vun der ADEM benotzt gëtt.

| Secteur | Plazen déi am Februar 2021 bei der ADEM gemellt goufen |
|---|---|
| A - AGRICULTURE ET PÊCHE, ESPACES NATURELS ET ESPACES VERTS, SOINS AUX ANIMAUX | 107 |
| B - ARTS ET FACONNAGE D'OUVRAGES D'ART | 1 |
| C - BANQUE, ASSURANCE, IMMOBILIER | 257 |
| D - COMMERCE, VENTE ET GRANDE DISTRIBUTION | 160 |
| E - COMMUNICATION, MEDIA ET MULTIMEDIA | 43 |
| F - CONSTRUCTION, BÂTIMENT ET TRAVAUX PUBLICS | 605 |
| G - HÔTELLERIE- RESTAURATION TOURISME LOISIRS ET ANIMATION | 94 |
| H - INDUSTRIE | 166 |
| I - INSTALLATION ET MAINTENANCE | 196 |
| J - SANTE | 113 |
| K - SERVICES A LA PERSONNE ET A LA COLLECTIVITE | 321 |
| L - SPECTACLE | 1 |
| M - SUPPORT A L'ENTREPRISE | 827 |
| N - TRANSPORT ET LOGISTIQUE | 123 |
| TOTAL | 3014 |

| Beruff | Plazen déi am Februar 2021 bei der ADEM gemellt goufen |
|---|---|
| M1805 - Études et développement informatique | 148 |
| M1203 - Comptabilité | 133 |
| M1607 - Secrétariat | 99 |
| F1703 - Maçonnerie | 97 |
| A1203 - Entretien des espaces verts | 79 |
| M1201 - Analyse et ingénierie financière | 68 |
| C1202 - Analyse de crédits et risques bancaires | 67 |
| C1301 - Front office marchés financiers | 63 |
| M1402 - Conseil en organisation et management d'entreprise | 61 |
| F1602 - Électricité bâtiment | 56 |